

**Lycée Bel-Val**
Secrétariat des élèves

Adresse :
100, avenue du Blues
L-4368 Belvaux
Luxembourg

Adresse postale :
B.P. 115
L-4402 Belvaux

Tél.: 26 55 47 – 376
Mail : stage_ed@lbv.lu

# Formation de l’éducateur (GED)

**Sidd Dir als Institutioun drun interesséiert, Schüler vum Lycée Bel-Val an engem Stage ze begleeden?**

## Mir brauchen Iech!

**Een zentrale Bestanddeel vun der Ausbildung vun eise Schüler sinn d’Stageperioden an de Betriber an Institutiounen.**

**Fir dëst ze erméiglechen, si mir op engagéiert, qualifizéiert a motivéiert Praxispartner ugewisen, déi bereet sinn, eis Schüler an hirer professioneller Entwécklung ze begleeden.**

**An dësem Informatiounsblat fannt Dir déi wichtegst Informatiounen iwwer d’Zesummenaarbecht an d’Begleedung vun de Stageplazen.**

Lycée Bel-Val

## Begleedung am Stage

D'Schüler komme mat 17/18 Joer bei eis an de Lycée, nodeems si eng 3e-Klass ofgeschloss hunn.
No 2 Joer erfollegräicher Ausbildung (2GED+1GED) maachen d'Schüler hiren „Examen de fin d'études secondaires". Hir Ausbildung zum Educateur/Educatrice schléissen d'Schüler am drëtten Ausbildungsjoer (1SGED) mam Staatsdiplom „Diplôme d'État d'éducateur" of.

Fir eis Schüler beschtméiglech op de polyvalente Beruff vum Educateur virzebereeden, bidde mir eise Schüler gär Stageplazen an alle méigleche soziale Beräicher un: Crèchen, Maison Relais, Jugendhaiser, Altersheemer, Wunngruppe fir Mënsche mat enger Beanträchtegung asw.
Eis Schüler absolvéieren an all eenzelem Ausbildungsjoer ee Stage an ënnerschiddlechen Aarbechts- an Tätegkeetsberäicher.

## Stageperioden fir 2026-2027

| **1. Ausbildungsjoer 2GED**<br>**(9 Stagewochen)** | **2. Ausbildungsjoer 1GED**<br>**(6 Stagewochen)** | **3. Ausbildungsjoer 1SGED**<br>**(11 Stagewochen)** |
|---|---|---|
| Stage d'orientation professionelle<br>3 Wochen<br>Stage d'initiation professionelle<br>6 Wochen | Stage approfondissement et élargissement<br>6 Wochen | Stage de familiarisation et d'application<br>Stage de mise en œuvre<br>11 Wochen |
| *05.10.2026 - 23.10.2026*<br>*12.04.2027 - 21.05.2027* | *26.10.2026 - 30.10.2026*<br>*09.11.2026 - 11.12.2026* | *14.12.2026 - 18.12.2026*<br>*04.01.2027 - 05.02.2027*<br>*15.02.2027 - 19.03.2027* |

## Spezifesch Aufgaben am Stage an aktivt Matschaffen am edukativen Alldag

| **2GED** | **1GED** | **1SGED** |
|---|---|---|
| • Beschreiwung vun der Institutioun<br>• Ressourcenorientéiert Beschreiwung vun der Zilgrupp<br>• Perséinleche Léierprozess<br>• 2 ausgibeg beschriwwe pedagogesch Angeboter | • Beschreiwung vun der Institutioun<br>• Ressourcenorientéiert Beschreiwung vun der Zilgrupp<br>• Perséinleche Léierprozess<br>• 2 ausgibeg beschriwwe pedagogesch Aktivitäten | • Beschreiwung vun der Institutioun a senger Zilgrupp<br>• Alldeeglech a systematesch Beobachtungen<br>• Analys<br>• Projektplanung Projektdurchféierung Projektauswertung<br>• Mémoire de Stage |

D'Handbuch fir d'Pratique professionnelle fir d'2GED, 1GED, 1SGED ass fir d'Schüler a fir d'Tuteuren um Site www.LBV.lu op däitsch a franséisch ze fannen.

| Tuteur aus der Institutioun | Enseignant de la Pratique Professionnelle (PRAPR) vum LBV |
|---|---|
| Den Tuteur féiert de Schüler an de berufflechen Alldag vun der Ariichtung an, informéiert iwwert d'Konzept an den alldeeglechen Aarbechtsoflaf, bënd de Schüler an d'Teamaarbecht an, steet him berodend zur Säit an ënnerstëtzt hien bei sengen Aarbechten an Reflexiounen.<br><br>Eng weider Roll vum Tuteur ass et, de Schüler a sengem Entwécklungs- a Léierprozess ze ënnerstëtzen, ze begleeden an awer och ze bewäerten. | D´Roll vum PRAPR ass et, d'Schüler a verschiddene Kontexter vu Gespréicher dobäi ze ënnerstëtzen, pedagogescht Handelen ze entwéckelen an ze begrënnen, déi dozou néideg Reflexiounen ze maachen, e Bewosstsinn fir hir Stäerkten a Schwächten ze entwéckelen an Entwécklungsméiglechkeete fir hiert zukünftegt pedagogescht Handelen ze definéieren.<br><br>De PRAPR ass och Uspriechpartner fir den Tuteur. |

## Conventions de stage

Et gëtt eng « Convention de stage de pratique professionnelle » tëscht dem LBV an ärer Institutioun ënnerschriwwen. Dës Konventioun setzt de generelle Kader, an ass gülteg fir all d'GED-Schüler vum LBV déi an ärer Institutioun ee Stage maachen. Dës Konventioun ass och nach fir déi follgend Jore gülteg, ausser Dir wéilt dat iergendwann net méi.

Ausserdeem gëtt virum Stage eng „Convention de stage pratique" tëschent dem Schüler an ärer Institutioun erstallt.

Laut dem Article L.152-4 vum Code de travail mussen all d'Stagen déi insgesamt méi wéi 4 Wochen dauere vun der Institutioun indemniséiert ginn (30 % du Salaire Social Minimum, indexé). De Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse (MENJE) rembourséiert dës Indemnisatioun integral. Ausserdeem huet d'Institutioun ee Recht op eng Aide particulière vu 45 Euro pro Stagewoch pro Schüler.

Wann Dir Iech entscheet, eng Stageplaz unzebidden an eis aktiv an der Ausbildung vun den Educateuren ze ënnerstëtzen, da setzt Iech wgl. mat eis a Verbindung.

Mir freeën eis op eng gutt Zesummenaarbecht.

## Organisatioun a Kontakt

David Schmit, Attaché à la direction du Lycée Bel-Val

Tél: 26 55 47 – 376

Debora Rollinger, Secrétariat des élèves du Lycée Bel-Val

Mail: stage_ed@lbv.lu